An ech kann Iech och berouegen: Déi Diskussiounen hat ech schonn an deem Moment, wou ech am Ministère war, well ech der fundamentaler Iwwerzeegung sinn, dass een, wann een eppes esou Innovatives mécht, wann een esou d'Rad nei erfënnt, Interêt huet, vun Ufank un déi Transitioun … An dat ass jo dat, wat drasteet. Duerfir froen ech mech, ob jiddwereen d'Motioun wierklech gelies huet.

Et geet drëm, d'Transitioun hei ze begleeden, déi mat ze evaluéieren, net eréischt de Moment, wou d'Gesetz a Kraaft ass, dass ee muss kucken: Wou sti mer an deem Moment, wou et a Kraaft trëtt? Wou sti mer kuerz virdrun? Wou sti mer, wann et a Kraaft trëtt? An da muss een direkt vun Ufank u kucken: Wéi en Impakt huet et op eis Kanner? Et geet jo dorëms. Wéi en Impakt huet et? Erreeche mer déi Ziler, déi mer eis mat deem Gesetz hei setzen? An dat muss ee jo och herno kënne verteidegen. Do muss ee jo och kënne soen: „Et ass gutt", oder et muss ee kënne soen: „Et gëtt vläicht Saachen, déi mer mussen adaptéieren." An heiansdo muss een dat och vläicht kënne séier maachen an net zwee, dräi Joer waarden, well hei geet et wierklech ëm ganz, ganz fundamental Froen.

An duerfir fannen ech et schued, dass mer net au moins och déi Diskussioun nach e bësse weiderféieren, wann do Punkte sinn, déi Iech gestéiert hätten. Et steet och net dran, et muss d'Uni sinn. Et steet dran, et kann d'Uni sinn. Ech froen och net zousätzlech Statistiken. Ech si mer wuel bewosst, dass deen Amendement am Gesetz drasteet.

An zu deem, wat d'Madamm Hartmann gesot huet: Ech hu vollst Vertrauen dran, dass mer hei um richtege Wee sinn, soss hätt ech dat Gesetz jo net deposéiert. Ech denke just, dass mer all Interêt hunn, och herno kënnen anzeschätzen, wou d'Gesetz gutt fonctionéiert a wou et net gutt fonctionéiert, well mer wierklech e Paradigmewiessel maachen. An duerfir fannen ech et extreem bedauerlech, dass hei guer keng Ouverture gemaach gëtt, fir op dee Wee do ze goen. Dont acte.

Mir wäerten natierlech d'Motioun matdroen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Domat wär dann d'Diskussioun zu dëser Motioun ofgeschloss.

An ech géing d'Motioun vun der Madamm Tanson zum Vott stellen.

***Vote sur la motion***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 20, Nee: 40, Abstentioun: keng. Dës Motioun ass also mat 40 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmme bei kenger Abstentioun ofgeleent.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Zeimet), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

## 10. 8523 – Projet de loi relative au soutien aux bibliothèques publiques et spécialisées

Da komme mer zum nächsten a leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtten, an zwar dem Projet de loi 8523 iwwert d'Ënnerstëtzung vun de Bibliothéiken. Hei ass d'Riedezäit no dem Basismodell festgeluecht, also deem selwechte Modell wéi bei deenen Texter virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jean-Paul Schaaf, den Här Gusty Graas, den Här Georges Engel, d'Madamm Alexandra Schoos, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de la Culture***

**M. André Bauler** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Jo, d'Bibliothéiken, dat si Plazen, wou ee sech begéinen, austauschen an eppes bäiléiere kann. D'Bibliothéike bidden all Biergerinnen a Bierger d'Chance, fräi zu Wëssen ze kommen an esou hire kritesche Geescht anzesetzen. Dat an engem wa méiglech agreabele Kader, deen d'Rechter vun all Biergerinnen a Bierger respektéiert. D'Bibliothéiken hidden den intellektuellen a gedréckte Patrimoine vum Land a si maachen d'Paarten op zu méi Wëssen.

Här President, am Juni 2010 war e Gesetzestext a Kraaft getrueden, dee sech mat Texter aus deenen aneren EU-Länner ofgestëmmt huet, fir d'Entwécklung vun de Bibliothéiken ze stäerken a gläichzäiteg den Accès zu den ëffentleche Bibliothéiken ze förderen. Dat ass engersäits duerch e klore Kader geschitt, deen d'Missiounen definéiert, mee och doduerch, datt d'Bibliothéiken, déi dës Missiounen erfëllen, eng finanziell Hëllef vum Staat kënne kréien. Dat ass elo – bal op den Dag genee – 16 Joer hier an zanterdeem hu sech eng ganz Rei Saache geännert a weiderentwéckelt.

D'Zil vum Gesetzesprojet 8523 ass et, de gesetzleche Kader ze moderniséieren, deen d'Bibliothéike betrëfft. Et geet och drëm, der Fuerderung Nummer 64 aus dem sechste Volume vum Kulturentwécklungsplang nozekommen. Där Aufgab gëtt sech mat dësem Text ugeholl.

Bis ewell ware just ëffentlech Bibliothéike vum viregte Gesetz betraff an domat eligibel fir staatlech Hëllefen. Elo kënnen och spezialiséiert Bibliothéiken ënner bestëmmte Bedéngunge vun dësen Hëllefe profitéieren.

Engersäits soll den Ausbau vum Bibliothéiksnetz queesch duerch d'Land ausgebreet ginn. An anerersäits sollen d'Bibliothéiken – vu hir wichteg Roll als Tiers-lieux an als Vecteure vun der Demokratie – besser ënnerstëtzt ginn, souwuel a punkto Finanze wéi och an hirer Autonomie.

Fir vun de jeeweilege finanziellen Hëllefen ze profitéieren, mussen d'Bibliothéiken eng Rei Missiounen erfëllen an un den nationale Bibliothéiksreseau ugebonne sinn. Fir Iech e Beispill ze ginn: Eng vun den Exigenzen ass déi, datt dës Bibliothéiken ëffentlech zougänglech musse sinn, an dat onofhängeg vun ënner anerem dem Alter, dem Geschlecht, der Relioun an dem soziale Status vun de Visiteuren, fir datt jiddereen en Accès zur Informatioun huet. Weider sollen d'Bibliothéiken eng Plaz sinn, fir dat soziaalt, dat gesellschaftlecht Zesummeliewen ze stäerken, eng Plaz vun der Promotioun vun der Kultur mat enger breeder Offer u Wierker, spréch Bicher an aner Publikatiounen, souwéi och eng Plaz, wou den interkulturellen Dialog iwwert déi kulturell Mediatioun ënnerstëtzt gëtt.

Fir d'Visiteure sollen och eng Rei Objeten zur Verfügung gestallt ginn. Sou soll een evidenterweis Bicher kënnen ausléinen, mee och e Computerposten zur Verfügung gestallt kënne kréien. Weider sollen an de Bibliothéiken och Aktivitéiten organiséiert ginn, déi d'Lektür, also d'Lieskultur, souwéi d'Kultur am Allgemengen an de Vierdergrond réckelen.

Ech géif kuerz e puer Hëllefe virstellen:

Et gëtt eng spezifesch Hëllef vun 100.000 Euro, wann eng oder méi Gemenge respektiv e Gemengesyndikat eng ëffentlech oder spezialiséiert Bibliothéik opmécht respektiv opmaachen oder wann d'Aktivitéit vun enger schonn existéierender Bibliothéik vun de virdru genannten Acteuren iwwerholl gëtt.

De Staat bedeelegt sech dann och un de Fonctionnementskäschte vun de Bibliothéiken. Fir méi kleng Bibliothéike mat järleche Käschte vun ënner 500.000 Euro ass eng Hëllef vu maximal 70.000 Euro virgesinn, dat no der Logik, datt eng méi kleng Bibliothéik méi Schwieregkeeten huet, esou Käschten ze schélleren, an déi dowéinst méi Ënnerstëtzung brauch.

Da sinn och ënner anerem Hëllefe fir d'Kafe vu Wierker virgesi wéi och zum Beispill Montante fir d'Weiderbildung vum Personal am Kader vun Digitaliséierungsprojeten.

Wat d'Wiel vun de Bicher ubelaangt, déi an de Bibliothéiken ze fanne sinn, sinn d'Bibliothéike fräi. Do gëtt et just e puer Virschrëften, wéi zum Beispill, datt Bicher an deenen dräi Amtssprooche sollen erëmzefanne sinn oder och eng Sektioun fir méi jonk Visiteure bestoe soll.

D'Bichersammlung soll all Joer à jour gesat ginn. Déi nei Akeef sollen insgesamt 3 % vun dem gesamte Bicherbestand ausmaachen, deen dem Public ëffentlech zougänglech ass.

Dëse Gesetzestext gesäit och eng Rei Bestëmmunge vir, wat d'Ëffnungszäite vun de Bibliothéiken an d'Personal ubelaangt.

Weider ginn och d'Missioune vum Conseil supérieur des bibliothèques, kuerz CSB, iwwerschafft a gestäerkt. Dëse Rot gouf deemools mam Gesetz vun 2010 an d'Liewe geruff. Duerch dëse Projet de loi kritt de CSB awer eng méi aktiv Roll an der Strategie, der Koordinatioun an der Professionaliséierung vum Bibliothéikssecteur. De CSB soll ënner anerem d'Zesummenaarbecht tëscht de Bibliothéike förderen, d'Ausbildung vum Personal ënnerstëtzen an de Ministère duerch Avisen a Propose beroden.

Da kéim ech och elo zu den Avisen, ugefaange mat deem vum Staatsrot. Den éischten Avis koum am Juni zejoert, en Avis complémentaire koum dann och nach am Mäerz, de 27. Mäerz vun dësem Joer.

Déi héich Kierperschaft – also de Staatsrot – hat an hire jeeweilegen Avisen eng Rei juristesch Froen opgeworf, besonnesch wat d'Krittären ubelaangt, déi bestëmmen, fir wéi eng Hëllefen d'Bibliothéiken eligibel sinn. Fir e Beispill ze ginn, nennen ech déi järlech finanziell Hëllef vu 25.000 Euro fir ënner anerem den Akaf vu spezifeschem Mobiliar oder vun neie Wierker, also virun allem Bicher.

Weider huet de Staatsrot och drop opmierksam gemaach, datt d'Modalitéite ronderëm d'Municipaliséierung méi kloer missten am Gesetzestext formuléiert ginn.

Ufangs war et fir de Staatsrot och net ersiichtlech, wisou verschidde Bibliothéike vun dësen Hëllefen ausgeschloss ginn, wéi zum Beispill Schoulbibliothéiken. De Staatsrot huet doropshin eng formell Oppositioun ausgeschwat. No weideren Erklärungen, via Lettre d'amendement, konnt dës Oppositioun awer séier aus der Welt geschaf an opgehuewe ginn.

Punktuell weist de Staatsrot och drop hin, datt verschidden Artikele keng normativ Valeur hunn an dowéinst sollten aus dem Gesetzestext erausgeholl ginn. En huet awer keng formell Oppositioun ausgeschwat.

Déi gréisste Schwieregkeet hat de Staatsrot mat den Dispositiounen, déi d'Personal ubelaangen. Déi formell Oppositioun konnt awer duerch Amendementer opgehuewe ginn.

Weider hat déi héich Kierperschaft och gefrot, ze preziséieren, no wéi enge Krittären déi eemoleg Hëllef vun 100.000 Euro agedeelt gëtt – also wuelgemierkt eemoleg Hëllef, net anescht, eemoleg Hëllef! –, wann eng oder e puer Gemengen oder e Gemengesyndikat eng nei Bibliothéik opmaachen oder iwwerhuelen. Dat gouf geléist, andeems e Forfait vun 100.000 Euro agefouert gëtt.

Och de Gemengesyndikat Syvicol huet zwee Avisen agereecht, een de 14. Oktober 2025 an deen zweeten den 20. Abrëll dëst Joer. Allgemeng begréisst de Syvicol d'Reform, mee e schwätzt sech fir méi finanziell Mëttel an eng méi grouss Autonomie vun de Bibliothéiken aus. Weider sollt ee fir de Syvicol d'Realitéite vu kleng Bibliothéike méi konkreet mat abauen. Da recommandéiert de Gemengesyndikat Syvicol nach, sech beim Personal méi op benevoll Aarbecht ze baséieren.

Da kéim ech zu den Avise vum Conseil supérieur des bibliothèques, deen, wéi ech virdrunner ugeschwat hat, d'Missioune redefinéiert kritt. De Conseil ass zefridden, datt dëse Gesetzesprojet d'Wierklechkeet, also d'Realitéit, an d'Entwécklung vum Bibliothéikesecteur mat a Betruecht zitt. De CSB proposéiert ënner anerem awer eng Upassung vun der Formuléierung, wat d'Missioune vun de spezialiséierte Bibliothéike betrëfft, déi mussen erfëllt ginn, fir datt si dofir eligibel sinn, vun de finanziellen Hëllefen ze profitéieren. Dësem Uleies gëtt schlussendlech och duerch Amendementer Rechnung gedroen.

D'ALBAD, also d'Associatioun vun de Lëtzebuerger Bibliothekären, Archivisten an Dokumentalisten, bedauert an hiren Avisen, datt ëffentlech a spezialiséiert Bibliothéiken am selwechte Gesetz behandelt ginn. D'Associatioun recommandéiert dofir, dës zwou Zorte vu Bibliothéiken a separate Gesetzestexter ze behandelen.

Och d'Union luxembourgeoise des bibliothèques publiques, ULBP, begréisst de Wëllen, e méi moderne Gesetzeskader en place ze setzen. Si werft awer d'Fro op, ob e puer Krittären an Obligatiounen net eventuell ze strikt wieren an ob een ëffentlech a spezialiséiert Bibliothéiken net a getrennte Gesetzestexter sollt behandele respektiv déi jeeweileg Definitioune méi klarifizéieren.

An da kéime mer zum leschten Avis, an zwar deem vun der Associatioun Fir ëffentlech Bibliothéiken, Lëtzebuerg – FëBLux ofgekierzt. Déi proposéiert en alternative Projet de loi, an deem spezialiséiert Bibliothéiken net virgesi sinn. Et hätt ee mat dëser Gesetzespropos eng méi, ech zitéieren, „liberal Approche" gewielt. An hirem zweeten Avis begréisst d'FëBLux d'Amendementer, déi gemaach goufen um Niveau vun de Krittären, wat d'Unzuel vun de Wierker ubelaangt.

Heimat, Här President, wier ech dann och um Enn vu mengem mëndleche Rapport ukomm. Fir weider Detailer – an et sinn där nawell eng sëllegen – verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Dat gesot, ginn ech awer den Accord vu menger Fraktioun. Den Här Graas wäert dat och nach eng Kéier maachen. An ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jean-Paul Schaaf** (CSV) | Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Kulturminister, „was man schwarz auf weiß besitzt, kann man getrost nach Hause tragen." Esou schreift de Goethe a sengem „Faust". Do ass et de Mephisto, deen am Dialog mat engem Schüler festhält, datt dat Geschriwwent eigentlech dat ass, op dat ee sech ka verloossen an op dat ee sech ka referéieren. Falsch ass dat jo net. Mir stëmmen hei am Haus Gesetzer, an och do zielt, wat schwaarz op wäiss geschriwwe steet.

An der Zäit vun haut gi mer allerdéngs alleguer iwwerrannt mat Kuerzmessagen zu allem an zu näischt. Mir gi jo bombardéiert mat Äntwerten op Froen, déi mer eis ni gestallt hunn. An dat mécht eigentlech eise Geescht midd an domadder och ufälleg fir einfach, simplistesch an net iwwerpréiften Aussoen. Clever Verkeefer vu Material an Inhalter wëssen, datt eng skandaléis Kuerzinformatioun méi séier a méi wäit reecht wéi eng Argumentatioun, déi erkläert an ofweit. Dat mierke mer leider och an der Politick, dass mer dacks nëmmen nach mat Kuerzmessagë wouergeholl ginn. An am interessantste si mer alleguer, wann et flaamt am politeschen Debat.

Wat huet dat elo mam Bibliothéiksgesetz ze dinn? Ben, eng ëffentlech Bibliothéik – an de Rapporter huet et och gesot – schaaft e Raum, deen ouni all dës Reizer auskënnt. Eng roueg Plaz, zougänglech, gratis, mat direktem Angebot vu Bicher, Zeitungen, Zäitschrëften an och fir Onlinerecherche, fir Nationalbibliothéiken, fir Datesammlungen, fir E-Books, Podcasts, Kannerbicher, Internetrecherchen an esou weider. Eng ëffentlech Bibliothéik ass eigentlech och eng ëffentlech Plaz. E Raum, dee faszinéiert an dozou aluet, ze entdecken, dee gemittlech ass, wou kompetent Personal zur Verfügung steet. E Raum och haut – et gesäit een dat vill an de Bibliothéiken –, wou Schüler a Studente sech zesummefannen, fir Gruppenaarbechten oder fir individuell an och konzentréiert ze schaffen, a wou och formal an nonformal Kannergruppen, vu Crèche bis Secondaire, sech afanne fir Liesungen, Erzielungen a fir d'Ausléine vu flotte Bicher.

Eng ëffentlech Bibliothéik schaaft do dernieft och e sozialen Treffpunkt, bréngt Mënschen a Kulturen zesummen, stellt kreativ Käpp aus der Literatur vir, ass eng enorm Beräicherung fir eise Mateneen an der Gesellschaft. Ech soen dat hei, well ech wëll Reklamm maachen.

Aktuell hu mer, laut bibnet, 13 ëffentlech Bibliothéiken am Land. Dat gutt Gesetz vun de Bibliothéike vun 2010 huet vill zur Kreatioun vun deenen Haiser bäigedroen. Et sinn der haut 5 am Norden, et sinn der 3 am Osten, 3 am Süden an 2 am Zentrum vum Land. 12 ëffentlech Bibliothéiken hunn eng Konventioun, 6 si kommunal a 6 sinn der vun enger ASBL geréiert. D'Stad Lëtzebuerg huet natierlech nach de Benefiss vun der Nationalbibliothéik. Déi misst ee jo eigentlech als ëffentlech Bibliothéik nach hei derbäirechnen.

Dat virleiend Gesetz stäerkt am Fong geholl dee gudde Service, deen haut do ass, vun de Bibliothéiken un de Bierger, an et luet – an dat ass meng Reklamm – aner Gemengen an, och op de Wee vun der Kreatioun vun enger Bibliothéik ze goen an domadder eleng oder via eng ASBL déi Lächer op der Landkaart vun de Liesbibliothéiken ze fëllen.

Dofir gëtt mam Gesetz och déi eemoleg Starthëllef – de Rapporter ass drop agaang – vun 100.000 Euro an d'Liewe geruff, woubäi ech awer bedaueren, datt déi net fir eng ASBL zur Verfügung steet, mee nëmme wann et eng kommunal Bibliothéik ass. An och déi aktuell 28 spezialiséiert Bibliothéike wäerten déi eng oder déi aner vun dësem Gesetz profitéieren a sech dofir eigentlech e bëssen areien an och den Tablo méi grouss maachen.

Déi weesentlech Neierunge si genannt ginn. Ech wëll awer nach eng Kéier kuerz drop agoen – an ech entschëllege mech beim Minister, mee aus de Kommissiounssitzunge wësst Der, datt ech awer e puer kritesch Gedanken hei muss mat unhänken.

Déi finanziell Ënnerstëtzung geet erop. Dat ass gutt! Si geet vun haut 45.000 Euro pro Joer op 70.000 Euro pro Joer. An de Montant gëtt endlech indexéiert, dat ass esouguer extragutt.

Fir Material a Bicher gi mer vun 20.000 op 25.000, woubäi awer 5.000 Euro fir Luxemburgensia solle virgesi sinn. Woubäi ech och net weess, ob mer zu Lëtzebuerg pro Joer fir 5.000 Euro Luxemburgensia produzéieren, ob een dee Montant iwwerhaapt kann erreechen. Mee et ass jo e Maximum, deen ee kann erreechen.

Fir Programmatiounen, Aktivitéiten, Liesungen an esou weider, sti 15.000 Euro zur Verfügung an 10.000 Euro fir Digitalisatiounsprojeten. Dat wäerte kleng Bibliothéiken och net an där Héicht pro Joer brauchen. Dat betrëfft dann eigentlech éischter déi méi grouss Haiser. Am Total sinn theoreetesch 120.000 Euro méiglech, déi awer déi wéinegst wäerte bis dohinner erreechen.

Déi Erhéijung ass natierlech ze begréissen. Meng eenzeg Kritick ass awer déi, dass se net gestaffelt ass. Et gëtt kee finanziellen Ureiz dofir, méi ze maachen. An den Tablo am Land ass awer deen, dass mer ganz ënnerschiddlech Gréissten hu vu Bibliothéiken. Am Rapport um Kulturministère vun 2023 liest een: Déi klengst Bibliothéik mécht 1.327 Locatiounen am Joer an déi gréisst kommunal Bibliothéik – nieft dem Cercle Cité, deen ass e bëssen hors cadre, géif ech soen – mécht 26.460 Locatiounen. An do dertëscht gëtt et keng Staffelung, se kréien alleguer dee selwechte Budget. A wann een iwwer 500.000 Euro geet, wat fir d'Stad Lëtzebuerg hei de Fall ass, da fale mer erëm am Budget. Da gi mer keng 70.000 Euro méi, da gi mer der just nach 45.000, also dat selwecht, wat am ale Gesetz de Fall war.

Do wär dann also d'Konklusioun déi, datt zum groussen Deel ëmmer vun de Gemenge muss en Apport sinn. Déi Bibliothéik, déi ech perséinlech besser kennen, well ech vun Ettelbréck kommen, ass déi Ettelbrécker Bibliothéik. Do schätzen ech, dass mer een Drëttel vum Staat an zwee Drëttel vun de Gemenge kréien, ouni awer d'Gebai an d'Gebaikäschten do matanzebezéien.

Mee et geet jo net nëmmen ëm e Finanzéierungsgesetz, et geet och ëm e Gesetz iwwert d'Bibliothéiken

an hir Aufgaben, an doranner ass den Text gutt an ambitiéis. En erhéicht also de finanziellen Apport vum Staat, e schaaft kloer Krittäre fir d'Professionaliséierung, d'Formatioun, d'Digitalisatioun, d'Vernetzung, edukativ a sozial Missiounen an och fir d'Autonomie vun de Bibliothéiken.

Domadder kann ech berouegt d'Zoustëmmung gi vun der CSV-Fraktioun zu dëser Aarbecht, zu dësem Gesetz, wou mer vill dru geschafft hunn, vill amendéiert hunn, hunn ech och fonnt, an a siwe Sitzunge behandelt hunn. Merci Iech alleguer.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Schaaf. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Jo, liesen ass u sech eng extreem beräicherend Aktivitéit. Mat engem flotte Buch kann ee liicht an eng aner Welt entschwiewen, et kann ee seng Fantasie stimuléieren. Besonnesch fir Kanner, fir Jugendlecher ass et och wichteg, fir hir Perséinlechkeet ze stäerken, datt se vill liesen.

Mee et muss een awer feststellen, datt an eiser Gesellschaft de Wäert, de Stellewäert virun allem vum Buch, ofgeholl huet. Dat ass och relativ liicht ze erklären. Mir befannen eis an enger Gesellschaft, wou eeben Hyperasätz op Soziale Meedie méi gefrot sinn. An dat kann een awer roueg hannerfroen an et muss een et och hannerfroen. An duerfir ass et wichteg, datt d'Politick e wichtege Kader setzt, fir datt am Fong och méi gelies gëtt, datt d'Liesen nach méi promouvéiert gëtt.

Ech mengen, dat geschitt mat Sécherheet mat dësem Gesetz. Ech denken hei virun allem un déi kleng Gemengen. Déi kleng Gemenge kréien hei méi Méiglechkeeten, och eege Bibliothéiken ze schafen. Dat kann awer och iwwert de Wee vun engem Gemengesyndikat geschéien. Mir wëssen, datt dat net nëmme fir dësen Domän gëllt, mee fir vill Domäne gëlle Gemengesyndikater als Méiglechkeet, fir u sech eng gemeinsam Aufgab ëmzesetzen.

Eng Bibliothéik däerf natierlech och keen elitäert Ëmfeld sinn. Eng Bibliothéik muss fir all Mënsch zougänglech sinn. A se muss virun allem awer och de Meenungspluralismus respektéieren. Haut ass eng Bibliothéik net nëmme reng e Verwalter vu Liesstoff, mee se kann a soll och eng Roll spillen um Niveau vun der Éducation civique. Si huet natierlech och eng wichteg sozial Roll ze spillen, well hei Leit vun alle Gesellschaftsschichten zesummekommen.

A wat awer och besonnesch interessant ass, dat wëll ech hei ervirhiewen, datt ass den Interesse, deen un dësem Gesetz an dem concernéierte Milieu virgeherrscht huet an och nach virherrscht. Dat gesi mer un der Abberzuel vun Avisen. Den Här Bauler als Rapporter, deem ech och Merci soe fir deen exzellente Rapport, huet och schonn op déi Wichtegst higewisen, op vill anerer higewisen.

An ech mengen, wat positiv ass, dat ass, datt sech awer och un deem ganzen Denkprozess do vu baussen dru bedeelegt ginn ass. Ech wëll duerfir hei och emol e grousse Merci ausspriechen un all déi Leit, déi iwwerhaapt derzou bäidroen, datt déi sëllege Bibliothéike fonctionéieren. Bon, et sinn der de Moment 13, dat sinn der net allze vill, mee ganz vill Leit sinn do immens engagéiert. Ech kann dat aus eegener Erfarung soen, an duerfir soll och deenen, wéi gesot, hei emol e grousse Merci ausgeschwat ginn.

Hei ass elo, wéi gesot, d'Reform vum Gesetz vum 24. Juni 2010. D'Welt huet sech entre-temps ganz vill verännert. Ech mengen, et ass eng Kéier drop hinzeweisen, datt virun allem d'Digitaliséierung natierlech och en Deel vum Liesen iwwerhëlt. Dat soll net a priori negativ dohinnergestallt ginn, woubäi een dat awer trotzdeem gegeebenefalls sollt hannerfroen. Eppes ass och sécher: Ouni déi geziilten Ënnerstëtzung souwuel vum Staat wéi vun de Gemenge kéinten déi ëffentlech Bibliothéike mat Sécherheet net fonctionéieren!

Et ass och ze verstoen, datt an dësem Gesetzesprojet eng ganz Rei Bibliothéiken ausgeholl sinn. Ech denken un d'Schoulbibliothéiken, ech denken un d'Bibliothéike vum Kultus, natierlech awer och déi privat Bibliothéiken, déi den Entreprisen zougeuerdent ginn.

Et sinn also an dësem Gesetz eng ganz Rei positiv Elementer, déi ech och hei nach eng Kéier ënnerstraiche wëll. Ech mengen, dat Gesetz hei ass méi oppen, et ass manner contraignant, et huet e méi liberale Geescht. An dat ass och ouni Zweifel ze begréissen.

De Conseil supérieur des bibliothèques kritt dann och nei Kompetenzen. Datt och all Bibliothéik sech muss e Règlement d'ordre intérieur ginn, ech mengen, dat ass eng Selbstverständlechkeet. Wat och gutt ass, ass, datt se awer och iwwert d'Ëffnungszäite kënne gréisstendeels verfügen – aneschters geet et och net – an datt d'Servicer selbstverständlech musse gratis sinn.

Natierlech, wéi ëmmer kommen awer och eng ganz Rei emol méi kritesch Bemierkungen. An dat ass och deelweis ze verstoen. Et hat ee gemengt – oder et hate verschidde Leit gemengt –, déi eemoleg Ënnerstëtzung vun 100.000 Euro, wann een eng nei Bibliothéik schaaft, géing net duergoen, déi hätt solle méi héich sinn. Sécher sinn hei d'Käschte vun dem Immeuble, vum Mobiliar net do mat abegraff. Mee ech mengen awer trotzdeem – an dat kënnt herno zréck a menger Motioun –, datt een dat awer selbstverständlech soll an e puer Joer nach eng Kéier iwwerdenken.

Datt déi spezialiséiert Bibliothéiken hei mat integréiert sinn, ass natierlech och net iwwerall positiv opgeholl ginn. Mee wat awer ganz wichteg ass, ass, datt den Accès fir de Public zu de spezialiséierte Bibliothéiken awer hei ganz kloer respektéiert gëtt.

Ech wëll dann awer och nach hei ënnerstraichen, datt d'Formatioun ganz wichteg ass. Do gëtt jo och e Gewiicht op d'Formatioun geluecht, besonnesch nach eng Kéier virun allem fir déi Leit, déi dat méi vum Niveau vum Benevolat aus maachen, fir datt do awer déi beschtméiglech Formatioun akzeptéiert an och ugebuede gëtt.

Vläicht eng lescht Remark nach: Mir mierke jo, wa mer eis gesellschaftlech Zesummesetzung kucken, datt déi natierlech amgaang ass, immens ze variéieren. Et gëtt och ëmmer méi Sproochen, déi hei zu Lëtzebuerg geschwat a geschriwwe ginn. Duerfir soll een deem och Rechnung droen a kucken, datt een nieft deene gängege Sprooche vläicht verstäerkt do, wou d'Méiglechkeet besteet, och déi Sprooche respektéiert, déi dobausse méi geschwat ginn.

Wéi gesot, Här President, zum Ofschloss nach eng Kéier: Mir mengen, datt dat hei am Fong e richtegen, e gudde Schratt an déi richteg Richtung ass. Et gëtt e Kader gesat. Dat entsprécht a sech och dem Koalitiounsaccord. Et entsprécht och dem Kulturentwécklungsplang. An dofir, wéi gesot, kënne mir – an den Här Bauler huet et zwar scho gesot, en hat d'Spannung schonn ewechgeholl, mee ech bréngen et dann awer nach eng Kéier hei zum Ausdrock – als DP selbstverständlech dat Gesetz hei matstëmmen.

An, Här President, wann Der erlaabt, ech hunn och eng Motioun hei matbruecht. An dat wëll ech och direkt hei ënnerstraichen: Ech si frou, dass se vu sämtleche Parteien a sämtleche Sensibilité-politiquen – ech soen deenen och alleguerte Merci – hei ënnerschriwwe ginn ass. Wann ech nach kuerz däerf drop agoen, ech wollt just drop hiweisen, wat fir eng Punkten hei erausstiechen.

Natierlech geet et eis drëms, d'Autonomie vun deene Bibliothéike maximal ze garantéieren. An dat ass immens wichteg, well soss ass déi Motivatioun och vläicht net do, eng Bibliothéik eebe beschtméiglech ze geréieren.

Da soll natierlech d'Liesen nach ëmmer méi verstäerkt ginn. Mir spiere jo awer, leider muss ech soen, datt d'Liesen insgesamt dach awer ofgeholl huet an eiser Gesellschaft. An dat ass net ganz gutt! An et ass och net gutt fir dat demokratescht Denken an enger Gesellschaft, wann net méi vill gelies gëtt. A virdrun huet schonn ee vu menge Virriedner drop higewisen, ech mengen, et war den Här Schaaf, wéi schnell am Fong geholl haut Kuerznoriichten, déi oft net emol der Wouerecht entspriechen, awer opgeholl ginn an am Fong geholl als richteg dohinnergestallt ginn, ouni datt ee sech Gedanke mécht an ouni datt ee mol eppes hannerfreet. Dat ass wierklech net gutt!

Da soll natierlech och bei deene Gemengen, déi bis elo nach keng Bibliothéik hunn oder eng similär Bibliothéik hunn, nach zousätzlech Sensibiliséierung gemaach ginn.

A schlussendlech soll dann och no véier Joer eng Evaluatioun gemaach gi vun dësem Gesetz. Ech mengen, dat ass ëmmer wichteg. Ech weess, mir maachen dat bei ville Gesetzer, mee dat ass awer oft noutwendeg, datt een och eng Kéier kann dee Moment awer de Recapitulatif maachen, datt ee ka kucken: Wéi huet sech dat Gesetz entwéckelt? Wou si Schwaachpunkten? An da kann ee gegeebenefalls dat och upassen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Graas, Dir misst zum Schluss kommen, wannechgelift.

**M. Gusty Graas** (DP) | Jo, ech sinn och elo direkt fäerdeg. Dat Eenzegt, wat ech nach ze maachen hunn, Här President: Ech iwwerreechen Iech déi Motioun.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*– considérant que les bibliothèques constituent des vecteurs essentiels de démocratie, des lieux de transmission des connaissances et des gardiennes du patrimoine intellectuel et imprimé ;*

*– considérant que les bibliothèques publiques jouent ainsi un rôle fondamental dans la démocratisation de l'accès à la culture et à l'information, en garantissant à l'ensemble de la population des services de proximité accessibles et inclusifs ;*

*– soulignant qu'un soutien conséquent au secteur des bibliothèques est ainsi indispensable afin de garantir une offre culturelle de proximité sur l'ensemble du territoire et de promouvoir la lecture auprès des jeunes, indépendamment du format des œuvres ;*

*– considérant que l'accord de coalition prévoit un soutien renforcé aux bibliothèques publiques associatives ainsi que le développement du réseau des bibliothèques communales ;*

*– considérant que le Kulturentwécklungsplang (KEP), adopté en octobre 2020, souligne, dans la mesure n° 64 de son volume 6, la nécessité de réformer la loi modifiée du 24 juin 2010 relative aux bibliothèques publiques ;*

*– considérant que les travaux préparatoires à cette réforme ont été précédés d'une consultation publique lancée en 2022, d'un atelier thématique organisé en 2023, d'Assises sectorielles organisées en 2024, et de l'élaboration d'un état des lieux du secteur des bibliothèques en amont de cet évènement ;*

*– considérant que cette large consultation a permis d'identifier les principaux axes de la réforme, notamment le renforcement du rôle des communes dans le développement des bibliothèques publiques, la reconnaissance des bibliothèques spécialisées, la flexibilisation des critères d'attribution des aides financières, ainsi que le soutien à la programmation culturelle et à la digitalisation,*

*invite le Gouvernement à*

*– garantir un accès égalitaire à la culture et aux savoirs, tout en préservant l'autonomie des bibliothèques, notamment en matière de politique d'acquisition, d'horaires d'ouverture et de gestion des bibliothèques ;*

*– encourager la coopération entre les bibliothèques et les autres acteurs culturels et scolaires afin de promouvoir la lecture, l'accès à la culture et l'éducation aux médias ;*

*– favoriser le développement d'une programmation culturelle diversifiée au sein des bibliothèques ;*

*– poursuivre les efforts de sensibilisation des communes afin de favoriser le développement du réseau des bibliothèques publiques et d'encourager la création de nouvelles bibliothèques communales ;*

*– procéder, quatre ans après l'entrée en vigueur de la présente loi, à une évaluation de sa mise en œuvre et de ses effets, notamment au regard de la réalisation des objectifs poursuivis par la réforme, ainsi que de l'évolution du réseau des bibliothèques, de leur fréquentation, de leur financement et de la part étatique dans le budget global des différentes bibliothèques relevant de son champ d'application.*

*(s.) Gusty Graas, Marc Baum, Djuna Bernard, Sven Clement, Georges Engel, Jean-Paul Schaaf, Alexandra Schoos.*

**M. Claude Wiseler,** Président | Dat ass ganz léif vun Iech. Villmools merci, Här Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | Jo, merci och.

**M. Claude Wiseler,** Président | An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, „Bibliotheken sind die geistigen Tankstellen der Nation", sot den Helmut Schmidt, an en hat Recht. Eis ëffentlech Bibliothéike sinn awer vill méi wéi nëmme Plazen, wou ee Bicher ka liesen. Et si Plazen, wou Leit sech begéinen, wou Kanner d'Léiere fir sech entdecken, wou Jonk an Al mat deene verschiddensten Hannergrënn sech informéieren, austauschen an nei Saachen entdecken. A ganz wichteg: Et sinn och Plazen, wou een erausfënnt, wéini d'Prüfungs- an Examenszäit ass, well da fënnt ee keng Plaz méi an der Bibliothéik.

Bibliothéike si Plaze vu Kultur, vu Bildung a vu gesellschaftlechem Zesummenhalt. An et ass dës mënschlech Dimensioun, d'Convivialitéit, déi mir als Sozialisten héich schätzen an déi soll hei gestäerkt ginn.

An e Gesetz geet net d'selwecht an d'Chamber eran, wéi et herno erauskënnt, an esou ass et och bei dësem Gesetz gewiescht. Ass et richteg? Jo. Oder: E Gesetz geet net d'selwecht aus der Chamber eraus, wéi et erakënnt. Dat ass méi richteg. An esou ass et och bei dësem Gesetz gewiescht. Mir hunn hei déi legitimm Kriticke vun de Bibliothéiksassociatiounen alleguer eescht geholl. A mat Recht hunn déi drop verwisen, datt verschidden Definitiounen ze onprezis waren an datt d'Reegelunge besser un d'Realitéit vun dem Terrain missten ugepasst ginn. A genee duerfir ass et wichteg, datt mir dëst Gesetz net einfach esou iwwerholl hunn, mee och verbessert hunn a ganz ville Sitzungen.

Eis Gesellschaft huet sech verännert an d'Gewunnechten an d'Besoine sinn och net méi déi nämmlecht. An d'Bibliothéike si Plazen, wéi ech virdru gesot hunn, vum Austausch, vun der Entdeckung a vun neien Iddien a vun neiem Denken. Besonnesch déi spezialiséiert Bibliothéike sinn zu wichtege kulturelle Liewensraim ginn. A mat dësem Projet entwéckele mir hei hir Roll weider. D'finanziell Moyene ginn däitlech eropgesat a mir schafe konkreet Hëllefe fir de Betrib, fir d'Sammlung, fir d'Kulturprogramméierung, fir d'Digitaliséierung, fir d'Annexen an och fir d'Startphas.

A besonnesch begréisse mir hei dräi Punkten, niewent enger Rei vun anere Punkten och nach:

Éischtens déi verstäerkten Ënnerstëtzung vu kulturelle Programmer wéi Virliesungen, Rencontren, Atelieren an Aktivitéite fir Kanner, Jonker an och déi aner. Domat schafe mir och an Uertschaften, wou et nach keng grouss kulturell Offer gëtt, nei Méiglechkeete fir d'Leit.

Zweetens d'Stäerkung vun der Lëtzebuerger Lies- a Kulturwelt duerch de geziilte Kaf vu Luxemburgensia.

An drëttens d'Unerkennung vun der digitaler Missioun vun de Bibliothéiken. Si mussen hëllefen, géint Desinformatioun unzegoen, digital Kompetenzen ze vermëttelen an d'Leit bei der technologescher Transformatioun ze begleeden.

Ech wëll awer och d'Wichtegkeet vun der lokaler Verankerung ënnersträichen. Den Zougang zu Wëssen dierf net vum Wunnuert, dem Akommes oder dem sozialen Hannergrond ofhänken. An dofir ass et och wichteg, datt mir mat dësem Projet d'Ouvertureszäiten, d'Sammlungen an d'Acquisitiounspolitick méi no un déi konkreet lokal Besoinen ausriichten an och zouloossen, datt net alleguer d'Bibliothéiken d'selwecht sinn.

Fir datt dat och gutt klappt, brauch een och déi richteg Leit, déi sech professionell ëm d'Féiere vun de Bibliothéike këmmeren. Wann ee vu Bibliothéike schwätzt, da schwätzt een och vun de Bibliothecairen an de Bibliothecairinnen. An hei war et eis wichteg, d'Erfarung vum Terrain an d'Bedeitung vun de Fräiwëllegen unzeerkennen, gläichzäiteg awer och kloer beruffflech Perspektiven ze schafen.

Dëse Projet ass awer net nëmmen eng administrativ Moderniséierung. Hei geet et ëm ëffentlech Bibliothéiken, déi net nëmme Wësse conservéieren, mee et och vermëttelen. Si stockéieren net nëmme Wierder op Pabeier, si schafe Verbindungen. Et ass e Gesetz iwwer Chancëgläichheet, iwwert d'Demokratiséierung vum Wëssen an iwwer eng Kulturpolitick, déi bei de Leit soll ukommen.

A fir eis geet dee Projet an déi richteg Richtung. E moderniséiert, professionaliséiert a stäerkt d'Gemengen, valoriséiert d'Bibliothéikspersonal a setzt op e breeden Zougang zu Wëssen an Aktivitéiten. A virun allem awer erkennt de Projet d'Bibliothéiken als dat un, wat se wierklech sinn: en ëffentleche Service de proximité, voll mat Kultur an enorme Méiglechkeeten.

An domat ginn ech den Accord vun der LSAP.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Engel. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Alexandra Schoos. Madamm Schoos.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Vu dass ech esou exzellent Virriedner hat, wäert ech mech méi kuerz halen. Jo, Bibliothéiken erfëllen eng ganz wichteg gesellschaftlech Aufgab. Si erméiglechen den Zougang zu Wëssen, Kultur a Bildung. Grad an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg ass dat immens wichteg.

Mir haten och e puer Kritickpunkten, déi och schonn erwäänt gi si vum Rapporter an awer och vun de Virriedner, zum Beispill eeben dass et just ee Gesetzestext gëtt fir déi ëffentlech an déi spezialiséiert Bibliothéiken, dass et eventuell och e bësse kriddeleg ass, dass zum Beispill ee Rayon oder eng Sektioun, déi net genau definéiert ass, u Kanner- a Jugendbicher muss virgesi sinn, wat mer a priori begréissen, mee wat vläicht eventuell eng finanziell Ënnerstëtzung bei spezialiséierte Bibliothéike ka méi schwiereg maachen, fir dës Konditioun ze erfëllen.

E klenge Kritickpunkt och: D'Benevolat kënnt net wierklech eraus an dësem Gesetzestext. De Syvicol huet dat a sengem Avis och bemängelt. Vläicht kann do nach eng Kéier den Här Minister e Wuert dozou verléieren, wéi een d'Benevolat kéint méi an d'Bibliothéiken integréieren, sief et déi ëffentlech oder déi spezialiséiert.

Och de Käschtepunkt: 100.000 Euro Ënnerstëtzung, jo, mir begréissen dat emol an enger éischter Instanz. Mir musse kucken, wéi dat dann elo wierklech um Terrain ..., ob dat genuch ass, ob dat net genuch ass. Wann een et vergläicht: Zum Beispill an Holland kann ee bis zu 400.000 Euro Subventioune kréien. Voilà.

Am Groussen a Ganzen, wéi gesot, begréisse mir dëse Projet. An dowéinster géing ech menger Fraktioun och recommandéieren, dëse Gesetzestext matzestëmmen.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Schoos. Elo huet d'Madamm Djuna Bernard d'Wuert. Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Här President, mir stëmmen haut dëse Projet de loi mat, an dat aus engem einfache Grond: Ma Bibliothéike sinn an enger moderner Demokratie eebe vill méi wéi Plazen, wou een eebe just Bicher ausléine kann. Si sinn oppen Haiser vum Wëssen. Si sinn Treffpunkten. Si si Plazen, wou d'Kanner d'Freed um Liesen entdecken, wou Jonker Zougang zu Informatioune kréien, wou Erwuessener sech weiderbilden, wou Mënsche sech begéinen a wou een och derbäi hëlleft, sech an enger ëmmer méi digitaler a komplexer Welt erëmzefannen.

An enger Zäit, an där Desinformatioun, sozial Ongläichheet an digital Ausgrenzung ëmmer méi zouhuelen, jo, do ass eng ëffentlech Bibliothéik eeben och eng demokratesch Infrastruktur. An dowéinst ass et richteg, dass dëst Gesetz de Secteur nei opstellt, d'Roll vun de Bibliothéiken als Lieux de rencontre, als Plaze vun der Médiation culturelle, vum Zougang zum Wëssen an als Acteure vun der Lutte géint Desinformatioun eeben als solch unerkennt.

Wat ech interessant fannen: Ma bal all gefroten Acteuren ënnerstëtzen de Grondgedanke vun dësem Gesetz. Mee se stellen awer och déi selwecht Fro: Ginn d'Mëttelen an d'Instrumenter duer, fir de Secteur op déi nächst Jore virzebereeden? An dës Fro soll een duerchaus op dëser Plaz seriö huelen, well eng Ambitioun um Pabeier eleng, jo, dat mécht nach keng staark Bibliothéikslandschaft.

Ee Punkt, deen eis wichteg ass, ass d'Unerkenne vum Bibliothéikspersonal. Dat ass kee bürokrateschen Detail. Dat ass eng Fro vu Qualitéit. Dobäi huet sech de Beruff enorm verännert. Haut geet et net nëmmen ëm Katalogen oder d'Ausléine vu Bicher, mee eeben och ëm digital Begleedung, ëm kulturell Mediatioun, ëm Recherchenhëllef, ëm Aarbecht mat Kanner a

Jonken, mee och mat Seniorinnen a Senioren a mat Leit, déi sproochlech oder digital Barriären hunn.

Gläichzäiteg muss een awer realistesch bleiwen. Gutt ausgebilte Fachleit am Bibliothéiksberäich, jo, déi si rar. D'Professionaliséierung dierf dowéinster net nëmmen eng Fuerderung um Pabeier sinn. Mir begréissen, dass d'Gesetz nieft dem diploméierte Wee och d'Beruffserfarung unerkennt. Mee dës Ouverture dierf net als Ersatz duergoe fir eng qualitativ héichwäerteg Ausbildung en tant que tel. An doriwwer eraus stellt sech eeben och d'Fro, wéi mir dës Leit iwwerhaapt gewannen. Eng gesetzlech Fuerderung ass eebe grad just dat eent, genuch Ausbildungs- a Weiderbildungsweeër sinn dat anert.

En zweete Punkt, op deen ech gäre wëll agoen, ass d'regional Offer. Mir brauchen eng Bibliothéikslandschaft, déi méi no bei d'Leit kënnt. An dat heescht net, dass all Gemeng eleng eebe grad ëmmer muss dat selwecht maachen. Et geet fir eis eeben dorëms, eng gutt Ofdeckung vum Territoire ze hunn, eng Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen ze förderen an ëm eng Offer, déi sech eebe regional ergänzt. An dofir brauche mer Gemengen an Associatiounen, déi déi néideg fachlech Ënnerstëtzung kënne liwweren, wann eng Bibliothéik opgemaach gëtt, fir och déi bestoend Bibliothéiken ze moderniséieren oder kommunal respektiv regional Strukturen ze grënnen.

Dobäi musse mer am A behalen, déi nei Reegele fir kleng Bibliothéike weiderhi realistesch ze halen. Mir wëllen eng Professionaliséierung vum Secteur, mee mir däerfen net riskéieren, dass déi Strukturen, déi haut scho mat ganz vill Engagement um Terrain weisen, wat méiglech ass, duerch ze vill administrativ oder personell Ufuerderungen ze vill ënner Drock geroden.

An elo kommen ech zu engem leschte Punkt: d'Férderung vum Liesen. D'Freed um Liesen ass keng Niewesaach, si ass d'Grondlag fir Bildung, fir Sprooch an awer och fir kritescht Denken. Wann ee sech d'Debatten ëm d'Lieskompetenzen ukuckt, da misst d'Férderung vum Liesen eigentlech ee vun den zentrale Piliere vun eiser Bibliothéikspolitick sinn. A vill Acteuren hunn eebe grad och dorobber higewisen, dass dëse Volet haut nach net genuch ausgeschafft ass.

Ech menge schonn, dass si do e Punkt hunn. D'Bibliothéiken hunn hei eng elementar Roll. Si kënnen d'Freed um Liesen nach eng Kéier ganz aneschters vermëttelen, méi fräi, méi no beim Alldag, méi spilleresch, méi accessibel. Si kënne Kanner a Jugendlecher erreechen, déi vläicht mat der Schoul eleng net déi selwecht Bezéiung zum Liesen entwéckelen.

Liese léiert een net nëmmen an der Schoul. Et geschitt doheem, an der Bibliothéik, mee virun allem duerch d'Begeeschterung. An do hunn d'Bibliothéiken eng Roll, déi kaum eng aner Institutioun esou spille kann. Souwuel de Ministère de l'Éducation huet hei eng zentral Roll, well natierlech Liesen eng Bildungskompetenz ass, wéi awer och de Kulturministère, well Bibliothéiken, Literatur, Kulturvermëttlung an d'Freed um Liesen eeben och do bei him verankert sinn. Mee tëscht deenen zwee Beräicher, do duerf kee Gruef entstoen. An dowéinst wäert et bei dësem Gesetz eeben och dorobber ukommen, ob et geléngt, eng kohärent national Strategie fir d'Liesförderung opzebauen, déi Kultur-, Bildungs- a Jugendpolitick zesummen denkt.

Dozou, well eis d'Férderung vum Liese wichteg ass, wäert ech heimadder elo eng Motioun deposéieren.

***Motion 2***

*« relative au renforcement de la promotion nationale de la lecture »*

*La Chambre des Députés,*

*considérant que*

*– le développement des compétences en lecture constitue un enjeu fondamental pour la réussite scolaire, l'émancipation culturelle et l'exercice de l'esprit critique ;*

*– la promotion de la lecture ne se limite pas au cadre scolaire, mais repose également sur l'action des bibliothèques, des structures culturelles et des acteurs de l'éducation non formelle ;*

*– plusieurs acteurs du secteur soulignent l'importance d'une meilleure coordination entre les politiques éducatives et culturelles afin de renforcer la promotion de la lecture ;*

*– le renforcement de la coopération entre les ministères compétents, les bibliothèques et les acteurs du terrain est essentiel afin de favoriser l'accès à la lecture pour tous les publics, et en particulier les enfants et les jeunes ;*

*– dans un contexte marqué par une exposition croissante des enfants et des jeunes aux écrans, la promotion de la lecture constitue un levier essentiel pour favoriser une « screen-life balance » équilibrée ;*

*– les bibliothèques jouent un rôle essentiel en tant que lieux de médiation culturelle, d'accès au savoir et de développement du plaisir de lire,*

*invite le Gouvernement à*

*– élaborer, en concertation avec les acteurs concernés, une stratégie nationale de promotion de la lecture associant les domaines de l'éducation, de la culture et de la jeunesse ;*

*– renforcer la coordination entre les ministères compétents en matière de promotion de la lecture, en associant étroitement les bibliothèques et les acteurs du terrain ;*

*– soutenir le rôle des bibliothèques comme lieux d'accès à la lecture, de médiation culturelle et de développement du plaisir de lire ;*

*– présenter à la Chambre des Députés les orientations et les mesures envisagées pour mettre en œuvre cette stratégie nationale.*

*(s.) Djuna Bernard, Meris Sehovic, Sam Tanson, Joëlle Welfring.*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | An da kommen ech zum Schluss. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Succès vun dëser Reform wäert sech net um Text vun dësem Gesetz moosse loossen. E wäert sech dorunner moosse loossen, ob an e puer Joer méi Kanner de Wee an d'Bibliothéike fannen, ob méi Leit Zougang zu Wëssen a Kultur hunn an ob eis Bibliothéiken déi Plaze vun der Begéinung a vum Liesen a vum kriteschen Denke kënne sinn, déi mir haut beschreiwen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Den nächste Riedner ass den Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi meescht vun eis erënnere sech nach un hiert éischt Buch, dat se stolz – hoffentlech – aus enger Schoulbibliothéik eng Kéier mat heem geholl hunn, dat se vläicht doheem ënnert der Decke mat der Täscheluucht gelies hunn a wou se gehofft hunn, datt hir Eltere se net géifen dobäi entdecken. Obwuel ech elo als jonke Papp e bëssen d'Gefill hunn, datt meng Eltere ganz genee wossten, datt mer et géife maachen, mee datt se frou waren, datt mer Bicher gelies hunn.

An ech denken, datt genau dat eppes ass, wat d'Bibliothéiken ausmécht: datt se eis alleguerten, déi gäre liesen, mat enger Erënnerung verbannen, wéi mer an aner Welte geflücht sinn, a Welten, wou et vläicht ëm Aventurë gaangen ass, fir déi mer nach ze jonk waren, ëm Aventuren, wou mer eppes konnte bäiléieren oder och heiansdo einfach flüchte konnten. An dat ass dat, wat eng Bibliothéik ausmécht. A fir een, dee gäre liest, ass d'Bibliothéik onabdingbar, well all déi Bicher ze kafen, déi een an enger Bibliothéik léine kann, dat géif virun allem a jonke Jore ganz séier an de Budget goen.

An dofir sinn eis Bibliothéike quer duerch d'Land, vun der klengster Schoulbibliothéik bis hin zu der Unisbibliothéik an der Nationalbibliothéik, esou wichteg. An dofir ass et och ganz wichteg, datt mer an Zukunft hei eng méi staark Ënnerstëtzung grad bei deene spezialiséierte Bibliothéike liwweren.

Ech géif elo net behaapten, datt déi Bibliothéiken, déi mer mat deem heite Gesetz finanzéieren oder kofinanzéiere wäerten, e groussen Undrang wäerten hu vu jonke Schülerinnen a Schüler, déi déi Bicher ausléinen, fir se ënnert der Bettdecken ze liesen. Mee mir wäerten awer sécherlech heimadder den Accès fir e spezialiséierte Public méi grouss maachen.

D'Madamm Bernard huet elo grad d'Fro opgeworf, ob mer eis dann un deene richtegen Ziler moossen, um Zil, méi Leit zum Liesen ze bréngen. Ech hu mer virdrun d'Fro gestallt, wéi ech nach eng Kéier iwwert de Projet gekuckt hunn, ob ech haut méi liese wéi fréier. An d'Resultat ass, datt ech u sech säit der AI méi liese wéi virdrun, net forcement Wierker vun Auteuren, an dat ass vläicht dat, wat schued ass, mee aleng doduerch, datt mer all Dag mat deenen AIen interagéieren, liese mer deenen hiren Output. A vläicht musse mer eis net dru moossen, ob mer an Zukunft méi liesen, mee d'Fro ass éischter, ob mer erëm méi qualitativ liesen, ob mer erëm méi Bicher liesen, ob mer erëm méi Texter liesen, déi vläicht och op Pabeier sinn an eis e bëssen deconnectéieren.

An dat wär vläicht deen een Appell, deen een un dat heite Gesetz ka bannen, ze soen: Kommt, mir maachen aus de Bibliothéiken e Lieu de rencontre! Ech mengen, d'DP-Riedner hunn dorobber higewisen. Kommt, mir maachen aus de Bibliothéiken déi Plaz, wou Jonker a manner Jonker kënnen zesummekommen, net nëmme fir Accès zu Outilen ze hunn, déi se brauche fir hir Schoul, fir hir beruflech Weiderbildung oder och einfach fir en Job ze fannen, mee kommt, mir maachen dorauser eng Plaz, wou mer d'Freed um Liesen um Pabeier förderen! Ech géif mer dat, mengen ech, als Wonsch haut an d'Hausaufgabebichelche schreiwen an da kucke mer, ob mer an e puer Joer, wa mer dann op dësen Debat zréckblécken, dat Zil erreecht hunn.

Dat gesot, gi mir eisen Accord fir dëse Projet. Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Marc Baum d'Wuert. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Vläicht virausgeschéckt, datt ee bei dësem Gesetz dem Ministère zumindest ee Kompliment muss maachen, e grousst Kompliment, nämlech datt se net mam Briecheise virgaange sinn. An net manner wéi siwe Reuniounen hu mer mat enger Akribie, déi ech soss seele bei Gesetzestexter gesinn, Artikel fir Artikel auserneegeholl, Froe gestallt, fir dann zu dësem Text ze kommen, deen, mengen ech, och ganz gutt ass an deen natierlech och eis Zoustëmmung wäert fannen.

D'Bibliothéiken hunn an der Geschicht vun där politescher Famill, aus där ech kommen, ëmmer eng wichteg Roll gespillt – historesch Lies- a

Bildungsveräiner –, wéi sech Aarbechter um Enn vum 19. an ugangs vum 20. Joerhonnert organiséiert hunn, well Liesen a Bildung insgesamt engersäits als Waff gesi gi sinn an anerersäits awer och als Element vun Emanzipatioun, also en Element vu Befreiung, vun der Méiglechkeet, sech vun de soziale Ketten, déi sécherlech ugangs vum 20. Joerhonnert nach weesentlech méi staark ware wéi haut, kënnen ze léisen. Duerfir ass eis och e Bibliothéiksgesetz oder e Kadergesetz, dat bibliothekaresch Aktivitéiten organiséiert, sécherlech ganz wichteg. An Emanzipatioun heescht och ëmmer Befreiung.

An haut mierkt een, datt d'Befreiung och ganz staark doranner besteet, datt et eng Befreiung vu Beriselung vum Alldag ass, datt et d'Méiglechkeet ass, sech erëm kënnen nei ze fokusséieren. Also de Géigendeel vun der Zerstreeung, déi mer soss daagsiwwer hunn, ass et d'Méiglechkeet, vläicht och sech selwer nach eng Kéier ze fannen an anescht a konzentréiert kënne virzegoen.

Här President, dëst Gesetz ass e gutt Gesetz, hunn ech gesot. Et ass effektiv e Gesetz, dat déi Moyenen, déi am Moment de Staat deployéiert, fir d'Bibliothéiken ze ënnerstëtzen, ze fërderen an nei Grënnunge vu Bibliothéiken ze fërderen, auswäit. Dat ass sécherlech gutt.

Wichteg sinn och déi Incitativen, déi geschafe gi fir Gemengen oder Gemengesyndikater, fir och selwer Verantwortung ze huelen als kommunal Instanzen an der Grënnung vu Bibliothéiken.

Wichteg Elementer sinn och d'Weiderbildung vum Personal, d'Opwäertung vum Conseil supérieur an och d'Ophuele vu spezialiséierte Bibliothéiken an dëst Gesetz. Mir wëssen, et gëtt der eng ganz Rëtsch. Och do, an enger gewësser Traditioun, hunn eng ganz Rëtsch ONGe spezialiséiert Bibliothéiken. Och si falen hei ënnert d'Gesetz an hunn och Moyenen zur Verfügung, fir besser kënnen ze schaffen. Och d'Reegelunge ronderëm d'Ëffnungszäite sinn alleguer sënnvoll an ënnerstëtzenswäert.

Duerfir maachen ech et kuerz: Mir stëmmen dëst Gesetz mat.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Kulturminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Eric Thill,** Ministre de la Culture | Merci, Här President. Dir Dammen an Häre Deputéiert, ech si frou, esou vill positive Feedback ze héieren, wat eist Gesetz iwwert d'Bibliothéiken ugeet. Well jo – an dat ass de Mëtteg och elo scho méi wéi eng Kéier ugeschwat ginn –, d'Bibliothéiken hu grad an dësen Zäiten, onsécheren Zäiten, Zäite vun Deepfakes, Desinformatioun, e wichtege Rôle ze spillen.

Et ass eng Plaz, wou mer zesummekommen, wou sech begéint gëtt, wou diskutéiert gëtt, wou informéiert gëtt. Et ass eng Plaz vun demokratescher Participatioun. Et ass eng Plaz, wou mer verschidde Meedie kënne consultéieren, Informatioune kréien, Wësse kréien. Et ass eng Plaz, fir déi sozial Kohäsioun ze stäerken. A jo – an dat ass de Mëtteg och méi wéi eng Kéier ugeschwat ginn –, et ass natierlech och eng Plaz, wou d'Liesfërderung fir jiddereen a virun allem natierlech och fir déi jonk Generatioun am Vierdergrond steet.

An dofir ass et wichteg, de Bildungsoptrag vun de Bibliothéiken an och den demokrateschen Accès zur Informatioun iwwert déi nächst Joren ze stäerken an eis Bibliothéiken uechtert d'Land an all eise Bezierker och als reellen Tiers-lieu ze gesinn an unzeerkennen. A genau dat wëlle mer mat dësem Gesetz haut de Mëtteg hei maachen.

Här President, Dir Dammen an Häre Deputéiert, erlaabt mer, op dëser Plaz kuerz drop anzegoen – den Här Baum huet et zum Deel gesot –: An der Kommissioun hu mer eis laang mam Gesetzesprojet befaasst, wat ech och ausdrécklech begréissen, wou mer ganz interessant an och konstruktiv Gespréicher haten a wouduerch mer, mengen ech, hei e Gesetz kënne presentéieren, dat iwwert déi nächst Joren d'Riicht hält.

Ech wëll awer och déi participativ Approche vun dësem Gesetz ervirsträichen, wou 2022 – an dat war deemools nach d'Virgängerin – dee Prozess ugefaangen huet mat enger Consultation publique. 2023 waren dat thematesch Workshoppen an 2024 hu mer Assise-culturellen iwwert d'Bibliothéiken organiséiert. Dat alles, fir ze weisen, dass mer eng Bottom-up-Approche hunn, dass mer de Secteur, d'Acteuren, d'Experten, d'Bibliothecairen an natierlech och d'Benevollen, alleguerten déi, déi interesséiert sinn, mat abannen a wou mer elo ganz frou sinn, dat heite Resultat an dat heite Gesetz kënnen ze presentéieren an haut ze stëmmen.

Et ass och ugeschwat ginn: Mir schwätze gréisstendeels vun engem Finanzéierungsgesetz, wou mer iwwert déi nächst Joren de Bibliothéiken uechtert d'Land däitlech méi finanziell Moyenen zur Verfügung stellen. Mir hunn eng Upassung vun den Aiden un den Index. Och dat ass wichteg. A jo, ech kann Iech hei versécheren, dass mer och do weiderhi wäerten Efforte maachen, fir iwwert déi nächst Jore weider finanziell Moyenen zur Verfügung gestallt ze kréien, fir d'Bibliothéiken dann och nach iwwert déi nächst Jore verstäerkt kënnen ze ënnerstëtzen, an dat do, wou et dann och gebraucht gëtt.

Ech ënnersträichen awer kloer, dass mer eng reell Hausse hu vun däitlech méi finanzielle Mëttelen, och wann een dat mat de Plazen am Ausland vergläicht, wou éischter bei de Bibliothéiken de roude Bic ugesat gëtt. An dat maache mer hei am Land ganz kloer net.

Et ass ugeschwat ginn: Wat maache mer mat deem Geld? Et ass eng Kéier de ganze Volet Fonctiounskäschten, déi mat iwwerholl ginn, wou mer méi Geld zur Verfügung stellen. Mir hunn e Budgetsartikel, wou et ëm dee ganzen digitale Volet geet, wou eng Bibliothéik 2026 an déi nächst Joren natierlech och do aner Defien huet. Mir hunn dee ganze Volet Médiation culturelle, wou mer e Budget zur Verfügung stellen, wou et ënner anerem natierlech och ëm d'Liesfërderung geet, wou eeben och dee Bildungsoptrag vun de Bibliothéike ganz kloer am Vierdergrond steet, wou mer eis Bibliothéiken als Tiers-lieux wëlle stäerken, wou d'Leit zesummekommen, d'Kultur gelieft gëtt, an dat iwwer ganz flott an och modern Aktivitéiten.

Erlaabt mer awer, op dëser Plaz och drop anzegoen – an dat ass och ugeschwat ginn –, wat dee ganze Volet Lëtzebuerger Sprooch ugeet, de Lëtzebuerger Buchsecteur, wou mer eebe mat engem Budget vu 5.000 Euro all Joer considerabel Moyenen zur Verfügung stellen, fir de Lëtzebuerger Buchsecteur ze ënnerstëtzen. Den Här Schaaf huet gesot, dass dat vläicht e bësse schwiereg ass, all Joer 5.000 Euro an nei Lëtzebuerger Bicher, Literatur ze investéieren. Et ass jo och esou, dass ee virun allem elo déi Bibliothéike verstäerkt wëll ënnerstëtzen, déi iwwert déi lescht Jore vläicht net esou déi Moyenen haten, fir déi Lëtzebuerger Literatur ze kafen, ze ënnerstëtzen, soudass ee mat deene 5.000 Euro pro Joer och nach ëmmer vergaangе Bicher, déi elo scho méi laang um Maart sinn, natierlech dann an déi Richtung ka kafen.

Erlaabt mer op dëser Plaz awer och, bevir ech zum Schluss kommen, kuerz nach op de Volet Benevolat anzegoen. Ech mengen, dat war och eng Fro vun der Madamm Schoos. Et ass e Gesetz, wou mer natierlech eis wëlle professionaliséieren, eis Bibliothéike wëlle professionaliséieren, op där enger Säit, jo. Op där anerer Säit kënnen awer och weiderhi Leit, déi am Benevollen aktiv sinn, déi eng gewëssen Experienz hunn, déi iwwer Joren och an de Bibliothéiken aktiv waren – do hu mer verschidde Krittäre jo och opgestallt –, weiderhin eng Bibliothéik féieren a weiderhin an enger Bibliothéik schaffen. Dat ass net verbueden. Mee mir wëllen awer och d'Dier opmaachen, fir iwwert déi nächst Joren eis Bibliothéiken ze professionaliséieren. Dofir hu mer béid Dieren an deem Sënn opgelooss. An et ass och weiderhin net verkéiert, wann an enger Bibliothéik eng Personne à temps plein professionell agestallt ass, dass do supplementär derzou natierlech och nach benevoll Leit sech kënnen aktiv bedeelegen, wat eeben och weiderhi méiglech ass a wat eis ganz, ganz wichteg war.

Erlaabt mer awer op dëser Plaz, och all deene Merci ze soen, déi iwwert déi lescht Joren, zënter 2022, un dësem Gesetz matgeschafft hunn. Et war e längere Prozess, net nëmmen an der Kommissioun, iwwer eis Consultation-publiquen, iwwer eis Assisen. All deenen Acteuren, ASBLen, Associatiounen, Benevollen, Experten, Bibliothecairen, jidderengem e ganz, ganz grousse Merci fir den Input. Well dat war eis wichteg, fir wierklech och um Terrain gewuer ze ginn: Wou dréckt de Schung? Wou hu mer Verbesserungspotenzial?

An ech mengen, dass mer elo mat dësem Gesetz e gesonden, e gudden Equiliber fonnt hunn, wou mer op där enger Säit eng gewëssen Erwaardungshaltung hunn, wat d'Qualitéit ugeet vun deene Servicer, déi mer ubidden, awer och op där anerer Säit eng Flexibilitéit, déi mer de Leit um Terrain mat op de Wee ginn, well et sinn déi Leit um Terrain, an de Bibliothéiken, déi am beschte wëssen, wou nach Problemer sinn a wou et verschidden Adaptatiounen ze maache gëtt.

Voilà, dat gesot, ass et menger Meenung no e Gesetz, wou mer de Bibliothéike méi Moyene ginn, d'Bibliothéike stäerken als Haiser vum Wëssen, vun der Kultur an och vun der Demokratie. Well jo – an dat erlaben ech mer ze soen, vun eis alleguerten –, wa mer an eis Bibliothéiken investéieren, investéiere mer och an d'Zukunft vun eis alleguerten, an d'Zukunft vun eiser Gesellschaft!

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi dann ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8523 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8523[11A].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8523 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Kënnt Dir d'Procuratiounen nach eng Kéier kucken, wannechgelift? Bon, da schléissen ech de Vott esou of.

D'Resultat vum Vott ass: 59 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Laurent Mosar), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par M. Maurice Bauer), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par M. Georges Mischo), Mme Stéphanie Weydert (par Mme Nancy Arendt), MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard) et Mme Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

***Motions***

Wärend dem Debat zu dësem Projet de loi sinn zwou Motiounen deposéiert ginn, déi eng vun dem Här Gusty Graas, déi aner vun der Madamm Djuna Bernard. Mir huelen déi an der Reiefolleg, wéi se deposéiert gi sinn.

***Motion 1***

Also fir d'éischt déi vum Här Gusty Graas. Ass do nach een, deen dozou wëllt schwätzen? Ech gesinn, datt all d'Fraktiounen, wann ech dat elo richteg gesinn, hei ënnerschriwwen hunn.

Dofir froen ech, ob ech iwwert déi à main levée kann ofstëmme loossen.

*(Assentiment)*

Dat schéngt de Fall ze sinn.

***Vote sur la motion 1***

Wien ass domat d'accord? Dee streckt d'Hand an d'Luucht.

Ass een dogéint?

Ass een, dee sech enthält? Dat ass net de Fall.

Dann ass dës Motioun à l'unanimité ugeholl.

***Motion 2***

Da komme mer zur Motioun Nummer 2 vun der Madamm Djuna Bernard. Wie wëllt zur Motioun vun der Madamm Bernard Stellung huelen? Den Här Graas, fir unzefänken. Här Graas.

**M. Gusty Graas** (DP) | Merci, Här President. Och merci der Madamm Bernard fir dës Motioun, déi interessant ass, wou och eng ganz Rei flott Aussoen dra sinn.

Bon, Dir frot natierlech hei, datt de Ministère de l'Éducation nationale och soll eng gewësse Roll spillen. Ech mengen, Dir verstitt jo elo, en absence vun engem Vertrieder vum Ministère, datt mer dat esou dës Kéier op dëser Plaz vläicht net kënnen ausdiskutéieren.

Mee vu datt mer awer gréisstendeels mat enger Rei Fuerderungen, déi Der hei stellt, d'accord sinn, déi sech jo deelweis mat eiser Motioun hei iwwerschneiden, géing ech Iech proposéieren, datt mer déi vläicht géingen an eng Jointe huelen, an eng Jointe Educatioun a Kultur, wou een dat da kënnt nach méi detailléiert beschwätzen, ëmsou méi – ëmsou méi! – well sech um Niveau vun der Éducation nationale och Gedanke gemaach ginn, fir d'Liesen nach méi ze promouvéieren. Ech mengen, da kéint een dat do nach méi an aller Offenheet diskutéieren.

Wann Der domat d'accord wäert, dat géing ech dat flott fannen, dann hätte mer och Ärer Motioun eng positiv Suite ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Graas. Gëtt et nach aner Wuertmeldungen dozou?

*(Négation)*

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da ginn ech der Madamm Bernard d'Wuert, fir eventuell dozou Positioun ze huelen.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo, merci, Här Graas, fir Är interessant a flott Propos. Ech mengen effektiv, mir hate jo e bësselchen Iwwerlappungen an eisen Aussoen, och an eise Rieden. Ech géing déi Offer ganz gären unhuelen. An ech freeë mech effektiv op eng jointe Kommissioun zu deem Sujet. Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech gesinn, datt dat zu enger grousser Zoustëmmung féiert. Ech ginn also dervunner aus, wann ech d'Propositioun maachen, dës Motioun an d'Commission de la Culture ze schécken, déi dann eng Jointe mécht mat där vun der Éducation nationale, datt Dir bereet sidd, doriwwer à main levée ofzestëmmen.

*(Assentiment)*

Dat ass de Fall.

***Vote sur le renvoi de la motion 2 en commission***

Wien ass domat d'accord? Dee streckt d'Hand an d'Luucht.

Ass een dogéint?

Enthält ee sech? Dat ass net de Fall.

Also ass d'Propositioun, déi an d'Kulturkommissioun ze schécken, déi eng Jointe mat där vun der Educatioun mécht, à l'unanimité ugeholl.

*(La motion 2 de Mme Djuna Bernard est renvoyée à la Commission de la Culture et à la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.)*

Domat wäre mer dann um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzung ass muer de Moien um 9.00 Auer.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 17.42 heures.)*